N° 8093
Entrée le 21.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8093 vum 19. Juni 2023 vum Här Deputéierten Laurent Mosar an vum Här Deputéierten Serge Wilmes.**

Ech wëll déi honorabel Deputéiert drop opmierksam maachen, das d'Luxair eng privatrechtlech Gesellschaft ass, an de Staat weder responsabel ass fir Verspéidungen bei der Gesellschaft, nach sech an hirt opertationellt Geschäft amëscht.

Mir hunn awer bei der Gesellschaft Luxair nogefrot a krute folgend Äntwerte geliwwert :

An der Woch 21, do wou den Ufangsweekend vun der Péngschtvakanz dra war, huet d'Luxair 21 Vollen vun 712 Vollen missen annuléieren , dëst entsprécht 2,9%. An der Woch 22 waren et just nach 2 Vollen vun 713 Vollen, dat heescht 0,28%. D'Situatioun war also direkt no dem éischten Péngschtweekend erëm ënner Kontroll, an och normal an nohalteg stabel déi Wochen duerno.

D'Ursaache waren haaptsächlech technescher Natur an déi doduerch kaskadéierend operationell Konsequenzen - duerch ongewéinlech an net planbar Akkumulatioun vu Problemer, trotz Reserveflieger - konnten net méi opgefaange ginn.

Bei der Luxair ass Qualitéit ganz wichteg an déi gëtt och konstant evaluéiert a verbessert. Bei grousse Problemer kann et awer punktuell zu Verspéidunge vum Traitement vun Demandë kommen oder zu Retarden an de Communication. Och heirunner gëtt konstant geschafft.

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch